Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Biber

Biber

## E klengen Input fir deng nächst Biberversammlung

Um Ufank vum Joer wann dir nei Biber an ärer Biberfamill hutt, ass et flott mat e puer klenge Kenneléierspiller ze starten. An dësem Dokument fënns du e puer Iddien.

### D‘Nummketten



D'Kanner sëtzen am Krees. Dat éischt Kand nennt säin Numm. Dat zweet Kand widderhëlt den Numm vum éischte Kand a seet dann säin eegenen Numm. Dat drëtt Kand widderhëlt d'Nimm vun den éischte Kanner an nennt dann säin Numm, a sou weider.

### Wien sinn ech?

All Kand moolt eng Saach op, déi et gär huet (z.B. "Glace oder " Hond"). De Chef liest déi Saache vir, an d'Grupp muss roden, zu wiem déi Ausso passt.

### Stéi op wann....

De Chef nennt verschidden Aussoe wéi "Stéi op, wann s du gär Futtball spills" oder "Stéi op, wann s du eng Kaz hues." D'Kanner, op déi d'Ausso zoutrëfft, stinn op. D'Kanner fannen eraus, wat si gemeinsam hunn. Et kann een och eng aner Variant spillen, andeems ee Kand am Krees eng Ausso mécht an déi Kanner wou se zoutrëfft an de Krees lafen an d’Plazen tausche mussen. Dee wou keng Plaz kritt ass de nächsten an der Mëtt.

### Nummbingo



All Kand kritt e Bingo-Blat mat verschiddene Biller wéi "Schockela oder " Hausdéier". D'Kanner musse ronderëm goen a passend Nimm vun anere Kanner opschreiwen/opgeschriwwe kréien, op déi d'Aussoen zoutreffen.

### De Mënscheknätsch

D'Kanner stinn am Raum an de Chef rifft Saache wéi "Fannt een, deen déi selwecht Liblingsfaarf huet wéi du" oder "Fannt een, dee gär deselwechten Dessert ësst du". D'Kanner mussen sech dann zu zwee a nzwee gruppéieren.

### De Mammut

Ee Kand spillt de "Mammut" an de Rescht vun de Kanner steet an enger Rei. De Mammut seet z.B. "Mammut geet a Krees" oder "Mammut klatscht". Déi aner Kanner mussen dat nolauschteren an déi Beweegung maachen. No enger Zäit rifft de Mammut een Numm, dat Kan dass elo de Mammut a muss fir an der rei stoen.

### Eis Gemeinsamkeeten



D'Kanner ginn an kleng Gruppe verdeelt (z.B. 4-5 Kanner pro Grupp). Si mussen zesummeschaffen, fir op 3 oder méi Saachen ze kommen, déi si all gemeinsam hunn (z.B. "Mir hunn all gären Äerdbieren" oder "Mir spille gär Basket").

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Biber
5, rue Munchen-Tesch | L-2173 Lëtzebuerg
biber@lgs.lu | biber.lgs.lu

E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG